01/2022

# de bulletin



**Editorial vum Patrick Remakel**
Et geet elo duer, léif Elterevertrieder !

**Nohaltegkeet – och am Rekrutement vu Léierinnen a Schoulmeeschter !**
Kommentar vum Gilles Glesener

**Koherenz ? Wat ass dat scho méi ?**
Vum Isabelle Loewenstein & Claude Schmit

**Al Schoul – neit Liewen**
Eng nei Serie bei SNE seniors

75 sne
syndicat national des enseignants cgfp

**Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!**

ROOM
Luxembourg

- Schulmöbel
- Bibliotheken
- Kindergartenmöbel
- Themenräume
- Konferenzräume







11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
1/2022


02 Editorial vum Patrick Remakel
Et geet elo duer, léif Elterevertrieder !

06 Nohaltegkeet – och am Rekrutement vu Léierinnen a Schoulmeeschter !
Kommentar vum Gilles Glesener

10 Risiko: Durchseuchung der Grundschule
Mitteilung vom SNE/CGFP

12 Quarantän am Cycle 1
Reaktiounen vun der Presse

13 Coding ... quelle aventure
Kommentar vum Gilles Bley

16 Koherenz ? Wat ass dat scho méi ?
Vum Isabelle Loewenstein & Claude Schmit

18 Een Dag an enger Schoulklass am Fondamental
Lieserbréif vum Nathalie Allard, Wilwerwiltz

22 eis schoul
Gedicht vum Ronny Mergen

30 Al Schoul – neit Liewen
Eng nei Rubrik bei « sne seniors »

# Éditorial

## Et geet elo duer, léif Elterevertrieder !

Zënter dem Ufank vun der Pandemie krute mir op ee Coup zu Lëtzebuerg an iwwerall op der Welt ganz vill Hobbyvirologen derbäi. Dës « Hobbyvirologe » maachen de qualifizéierte « Beruffsvirologen » dach des Ëftere gréisser Suerge mat hiren onwëssenden, fachfriemen an esouguer heiandsdo inkompetente Kommentaren an Theorien.

Dee selwechte Phenomeen vu sougenannten « Hobbyenseignantë » kenne mir awer scho ganz laang an eise Schoulen. Jiddwereen, deen emol an enger Schoul war oder am Moment e Kand an der Schoul huet, fillt sech als « Expert » beruff, der Schoul an den Enseignantë « guttgemengte » Rotschléi ze ginn oder, esouguer schlëmmer, Virschrëften zum Fonctionnement vun der Schoul ze maachen.

### An dat geet dacks ze wäit an ass dofir inakzeptabel fir den SNE/CGFP !

Den SNE/CGFP ass sech scho bewosst, dass d'Schoul nëmme ka funktionéiere wann déi verschidde schoulesch Partner – dat heescht d'Enseignanten, déi aner Professionell aus der formaler a nonformaler Bildung esou wéi d'Elteren – zesummeschaffen, un engem Strang zéien, an dat zum Wuel vun de Kanner.

Genau esou kloer ass et awer och fir den SNE/CGFP, dass jiddwereen a sengem Domän den Expert ass, sech op säi Beräich konzentréiere soll a sech och net soll eraushuele bei anere grouss wëllen dranzeschwätzen. D'Spréchwuert « Schuster, bleib bei deinem Leisten » mécht an deem Kontext Sënn.

Mir als SNE/CGFP hunn op jiddwer Fall nach ni de Famille virgeschriwwen, wéi si hiert Familljeliewen a besonnesch och d'Erzéiung vun hire Kanner doheem gestalte sollen.

Den SNE/CGFP huet sech och nach ni ëffentlech derzou geäussert, ob et besser ass, d'Kanner no der Schoul doheem oder an der Maison relais betreien ze loossen. Dëst sinn Decisiounen, déi jiddwer Famill fir sech selwer muss huelen. D'Schoul an d'Enseignanten hunn dës Decisioun ze respektéieren an net ze kommentéieren.

### Genau déi Attitüd erwaarde mir ons och vun deenen anere Schoulpartner !

Dass Eltere sech Gedanken iwwert de Fonctionnement vun der Schoul maachen ass ganz sécher legitim, mee sech a schoulesch Internaen anzemëschen, ass ganz einfach net ubruecht a schlechte Stil.

Am Moment ginn do vun der nationaler Elterevertriedung Linnen iwwerschratt an et gëtt héich Zäit, dass mir emol Kloertext hei schwätzen.



Zum Thema Accueil vertrieden d'Elterevertrieder d'Meenung, dass eise Schoulsystem, dat heescht jo implizitt och eis Enseignanten, net genuch outilléiert wäre fir esou e Cours d'accueil ze assuréieren. E staarkt Stéck als Laien d'pedagogesch Fachkompetenze vun ausgebilten Enseignantë pauschal a Fro ze stellen!

Och wat d'Hausaufgabenhëllef ubelaangt fillen d'Elterevertrieder sech mandatéiert Fuerderungen ze stellen. Esou fuerdere si zum Beispill, dass den «Echange d'heures» tëschent de Schoulen an de Maison-relaisen am ganze Land generaliséiert misst ginn. Do soll ganz einfach emol e generaliséierten « Plan d'encadrement périscolaire – modèle d'une collaboration renforcée », e sougenannte PEP2, flächendeckend ageféiert ginn. Esou einfach geet dat awer net, léif Elterevertrieder, esou funktionéiert dat net!

Den SNE/CGFP huet sech ëmmer derfir agesat, dass d'Schoule selwer kënnen decidéieren, ob si en PEP1

Genau esou kloer ass et awer och fir den SNE/CGFP, dass jiddwereen a sengem Domän den Expert ass, sech op säi Beräich konzentréiere soll a sech och net soll eraushuele bei anere grouss wëllen dranzeschwätzen.








(PEP - modèle de base), PEP2 (PEP - modèle d'une collaboration renforcée) oder e PEP3  wielen. An dat muss an Zukunft och esou bleiwen.

A weider geet et mat de Fuerderunge vun den Elterevertrieder! An dëst schléit dann awer dem Faass de Buedem aus. Ech zitéieren de President vun der nationaler Elterevertriedung: « (…) Pour participer à une telle excursion, on ne prend que les vaccinés, etc. Cela revient à de la discrimination et je ne le tolérerai pas dans le fondamental. »

Just eng kleng Reaktioun dorobber. Et sinn nach ëmmer déi gesetzlech Bestëmmungen, déi aktuell « en vigueur » sinn, déi virschreiwe wie wouhi mat op en Ausfluch oder op eng « Sortie pédagogique » ka matgoen. A wann en Enseignant e Kand net ka mat dohinner huelen, da misst hien dat virun allem emol mat sengem « Supérieur hiérarchique », senger Direktioun, ofklären, a ganz sécher net mat dem President vun der nationaler Elterevertriedung. Héchstens d'Gemeng kéint nach e Wuert matschwätze bei der Organisatioun vun de « Sorties pédagogiques ».

Komme mer elo awer zu engem méi erfreeleche Sujet. Den SNE/CGFP feiert dëst Joer säi 75. Anniversaire. Nieft der « Séance académique », déi den 21. Oktober wäert sinn, organiséiert den SNE/CGFP och e Summerfest fir all seng Memberen , an dat freides, den 10. Juni bei eis um Siège zu Bouneweg. Dir kënnt iech deen Datum elo schonn an ärem Kalenner notéieren.

Patrick Remakel
President SNE/CGFP



Patrick Remakel,
President SNE/CGFP

# Nohaltegkeet – och am Rekrutement vu Léierinnen a Schoulmeeschter !

Auteur : Gilles Glesener

Den 9. Dezember 2021 huet d'Universitéit vu Lëtzebuerg hiren drëtten Nationale Bildungsbericht virgestallt. D'Digitaliséierung, d'Bildung fir nohalteg Entwécklung (BNE), d'Pandemie an hir Auswierkungen op den Alldag an der Schoul, esou wéi, zu gudder Lescht, déi omnipresent a bestänneg Fro no de sozialen a kulturellen Ongläichheeten an der Schoul stoungen am Fokus vun dësem Bericht.

Dass nohalteg Entwécklung mat hiren dräi Sphären « Ëmwelt, Wirtschaft a Gesellschaft » an Zäite vu Klimawandel, Ëmweltverschmotzung, Ressourcëvergeudung, etc. fir eis alleguerten ëmmer méi wichteg gëtt, steet ausser Zweiwel. D'Bildung fir eng nohalteg Entwécklung muss deementspriechend och bei eise Kanner e méi grousse Stellewäert kréien. Si soll eis Kanner derzou bréngen, d'Auswierkunge vun hiren Handlungen op d'Welt ze verstoe fir doropshi verantwortlech, nohalteg Entscheedungen ze treffen. Si soll also eis zukünfteg Erwuessen derzou befäegen, zukunftsorientéiert ze denken an ze handelen.

De 25. September 2015 gouf zu New York d'Agenda 2030 fir nohalteg Entwécklung vun 193 Länner ugeholl. An dëser Agenda goufe 17 Nohaltegkeetsziler festgeluecht (cf. Tableau), wouvunner och eent eng héichwäerteg Bildung uviséiert.

An den Ae vum SNE/CGFP geet d'Zil vun enger héichwäerteger Bildung fir jiddereen Hand an Hand mat enger qualitativ héichwäerteger Ausbildung vun den Enseignanten. Och mussen all d'Efforten dru gesat gi fir d'Penurie un Enseignanten ze bekämpfen an deementspriechend och d'Zuel vun de Studenten an den Erzéiungswëssenschaften ze erhéijen. Nëmme wa mir et fäerdeg bréngen, genuch Enseignantë mat enger qualitativ héichwäerteger Ausbildung fir eis Schoulen ze fannen, kënne mir e qualitativ héichwäertegen Enseignement vun de Kanner garantéieren. Nëmmen da kënne mir vu Nohaltegkeet beim Rekrutement vu Léierinnen a Schoulmeeschter schwätzen.

Am Factsheet Nummer 7 « Le programme de formation des enseignant(e)s du fondamental au Luxembourg » (Busana et al) aus dem Nationale Bildungsbericht 2021 stellen och d'Auteuren an hirer Schlussbemierkung an hirem Ausbléck fest: « En 2019, 320 enseignant(e)s du fondamental auraient dû être engagés pour faire face à la pénurie du terrain. Seuls 63 diplômé(e)s de l'Université ont présenté l'examen d'État cette année-là. À l'heure actuelle, le Grand-Duché a besoin de 300 à 400 nouvelles recrues par an. Le Luxembourg et le BScE font face à un défi majeur: celui d'augmenter considérablement le nombre de diplômé(e)s sans pour autant diminuer la qualité de l'enseignement tant à l'Université que dans les classes des écoles fondamentales. »

## Dës Feststellunge sinn allerdéngs net nei!

Zënter Joerzéngte schonn ass d'Penurie u qualifizéierten Enseignanten an eise Grondschoulen e grousse Problem. Léierinnen a Schoulmeeschter si scho jorelaang « Mangelware » an et wäert och schwéier ginn, dësen Defizit u qualifizéiertem Léierpersonal an nächster Zäit dauerhaft ze behiewen. An all de Joren huet een ëmmer erëm op Agenten aus der «Réserve des suppléants» zeréck gegraff fir de Schoulbetrib um Lafen ze halen. Déi politesch Responsabel hunn am Laf vun der Zäit ëmmer erëm probéiert dësem Mangel entgéint ze wierken: emol gouf de Problem einfach kleng geschwat oder et goufen ënnerschiddlech Léisungsusätz ausprobéiert, wéi zum Beispill d'Schafung vun enger paralleler Ausbildungsschinn op der Universitéit vu Lëtzebuerg. Andeems se eng « Validation des acquis de l'expérience » geltend gemaach hunn, konnten eng Rei Chargé-de-couren oder Relounsenseignanten en Diplom als Schoulmeeschter kréien (Track 1 an Track 2).




Déi lescht Initiativ op deem Plang gouf 2018 vum aktuellen Educatiounsminister Claude Meisch an d'Weeër geleet. Esou kënne Kandidate mat engem Bachelor a Relatioun mat engem vun den Objektiver vun der Grondschoul, als sougenannte «Quereinsteiger», eng Formatioun « en cours d'emploi » absolvéieren. No der Reussite vun dëser Formatioun kënne si sech dann dem « Concours d'admission au stage préparant à la fonction d'instituteur » stellen. Dës ëmstridde Krisemesure ass zäitlech begrenzt a leeft am September 2023 aus. Bis dato koum et nach net zu enger Evaluatioun vun dëser Moossnam, déi et erméiglecht huet an der akuter Phas vun der Penurie, déi gréisste Lächer ze stëppelen.

Bei der Rentrée 2021 – 2022 huet den Educatiounsminister Claude Meisch seng Virstellung verroden, wéi hien no 2023 de Problem vun der Penurie an de Gréff wëll kréien. Him schwieft en neie Quereinsteiger-Modell vir, deen als Grondprinzip net e Quereinstieg direkt an de Beruff, mee e Quereinstieg an de Studium soll hunn. Esou kéint e Kandidat mat engem anere Bachelor, deen dem Enseignantsberuff relativ no ass (z.B. Psychologie, Pedagogik,…) e véiert Joer an den Erzéiungswëssenschaften op der Uni.lu maache fir dann en Enseignantsdiplom ze kréien. Duerno kéint hien dann an den Enseignantsberuff erakommen.

Bis ewell ass den SNE/CGFP nach net an deem Dossier consultéiert ginn an huet och soss keng méi wäitreechend Informatiounen dozou kritt. Dem SNE/CGFP stéisst dësen neie Quereinsteiger-Modell awer elo scho sauer erop, well dat als eng weider Devalorisatioun vum Studium a vum Beruff empfonnt gëtt.

An dat aus guddem Grond! D'Aféiere vun enger neier Versioun vum Quereinsteiger wäert de Studenten, déi de reguläre Wee iwwert e Studium an den Erzéiungswëssenschaften ageschloen hunn, wéi e Schlag an d'Gesiicht virkommen.

Firwat soll ee sech vun Ufank un an e Studiegang an Erzéiungswëssenschaften aschreiwen, wann een och no engem Bachelor an engem anere Beräich, deen am Zesummenhang mat de Schoulfächer steet, a no engem Joer « Crahstudium » an den Erzéiungswëssenschaften de Schoulmeeschteschberuff ergräife kann?

Dobäi muss ee bedenken: Den Diplom vum Bachelor an Erzéiungswëssenschaften ass eng « Einbahnstrooss », déi eenzeg an eleng zum

Schoulmeeschteschberuff féiert. De Wee iwwert de Quereinsteiger léisst dem Student méi Méiglechkeete bei enger spéiderer Beruffswiel, well säi Bachelor him nach aner Perspektiven op léisst. Firwat sollt e Student dann de Wee mat manner Flexibilitéit wielen?

Den SNE/CGFP fäert, dass sech duerch de neie Quereinsteiger-Modell nach manner Kandidate fir e Studium an den Erzéiungswëssenschaften entscheeden, well de reguläre Wee fir an de Beruff ze kommen, manner attraktiv ass.

Amplaz d'Attraktivitéit vum Enseignantsberuff laangfristeg ze erhéijen, setzt den Educatiounsministère also weiderhin op kuerzfristeg, jo esouguer an den Ae vum SNE/CGFP de Beruff devaloriséierend, Léisungen.

Et ass sécherlech richteg: Et gëtt keng einfach Formel fir der Penurie Här a Meeschter ze ginn. Et brauch Zäit an e laangen Otem fir d'Weichen erëm an déi richteg Richtung ze stellen.

Mee an de leschte Joren ass awer séier wéineg ënnerholl gi fir den Image vum Enseignant a seng Aarbechtsbedingungen ze verbesseren an doduercher d'Attraktivitéit vum Beruff ze steigeren.

Fir den SNE/CGFP ginn et eng Rei Léisungsusätz fir de Schoulmeeschteschberuff ze revaloriséieren:

- Déi initial Schoulmeeschteschausbildung soll op Masterniveau gehuewe ginn, esou wéi dat an deene meeschten europäesche Länner de Fall ass. D'Ufuerderungen an d'Defien un d'Léierpersonal gi permanent méi grouss a méi komplex an dofir ass e Rekrutement op Masterniveau absolut noutwendeg. Domadder verbonne wär och eng materiell Revalorisatioun vum Schoulmeeschteschberuff.
- D'Schoulhale muss nees d'Kärgeschäft vum Enseignant ginn an déi administrativ Aarbechte mussen op e Minimum reduzéiert ginn. D'Aarbechtsbelaaschtung an eise Grondschoulen ass enorm grouss, an dat net eréischt zënter der Pandemie. Eng Rei vu Kolleege schaffe vill ze dacks no un hirer Belaaschtungsgrenz. D'Konsequenzen dovunner si méi Krankmeldungen a leider och ëmmer méi Fäll vu Burn-out. Och ginn et ëmmer méi Enseignanten, déi dem Klassesall de Réck dréinen a kucken, eng aner Plaz am Beräich vun der Educatioun ze fannen. Am Extremfall wiesselen esouguer Kolleege komplett hire Beruff. All dës Leit ginn dann der Schoul verluer. Dat sinn Tatsaache virun deenen eis politesch Responsabel de Kapp net däerfen an de Sand stiechen. Eng Reduzéierung vun der Aarbechtsbelaaschtung kéint sécherlech derzou bäidroen, d'Attraktivitéit vum Enseignantsberuff ze erhéijen.



- Mir brauchen eng séier, effikass an onbürokratesch Hëllef fir Kanner mat spezielle Besoinen. Doduercher kéint den Aarbechtsalldag vun de Léierinnen a Schoulmeeschter erliichtert ginn. Et ass demotivéierend fir en Enseignant, wann en eng ëmständlech Prozedur - deels mat Ausfëlle vu Formulairen oder dem Schreiwe vu laange Rapporten- duerchlafe muss an dann awer zum Schluss feststelle muss, dass d'Hëllef ze spéit oder schlëmmstefalls guer net beim Kand ukënnt. Op d'Dauer ass deen Zoustand frustréierend. Och dësen Ëmstand dréit net zur Attraktivitéit vum Enseignantsberuff bäi.
- Mir brauchen de Réckhalt an d'Ënnerstëtzung vun den Direktiounen, besonnesch da wann sech den Enseignant mat Schwieregkeeten a Problemer eleng gelooss fillt. Besonnesch wann Elteren en Enseignant zu Onrecht drangsaléieren, missten d'Direktiounen hiren Agenten de Réck stäipen.
- Et muss méi nom Wuelbefanne vun den Enseignanten op der Aarbecht (Bien-être au travail) gekuckt ginn. Esou sollen d'Aarbechtsëmfeld, d'Aarbechtskonditiounen an d'Aarbechtsatmosphär méiglechst gënschteg gestallt sinn. Mir brauchen an deem Kontext manner Kontroll, mee méi Vertrauen an d'Enseignanten an an hir Aarbecht.
- Et misst een eng Imagecampagne lancéiere mam Zil, de Beruff vum Enseignant ze promovéieren. Andeems een déi positiv a schéi Säite vum Schoulmeeschteschberuff an de Virdergrond stellt, kéint ee jonk Leit incitéieren, Erzéiungswëssenschaften ze studéieren. Gläichzäiteg misst een op d'Wichtegkeet vun den Enseignanten hirer Aarbecht fir d'Gesellschaft hiweisen. Déi Unerkennung misst un éischter Stell vum Employeur, also dem Educatiounsministère kommen. Villäicht hat de Confinement d'lescht Joer wärend der Pandemie, wou d'Eltere méi Abléck an d'Aarbecht vum Léierpersonal haten, dach eppes Guddes. Si hu gesinn, dass d'Schoulhalen net esou einfach ass, dass d'Enseignanten sech immens vill engagéiere fir hir Schüler an dass d'Schoul eng wichteg Roll an der Gesellschaft spillt. De Respekt vun den Eltere virun der erausfuerderender an ustrengender Aarbecht vum Enseignant ass hoffentlech doduercher gewuess.

**Fir den SNE/CGFP ginn et eng Rei Léisungsusätz fir de Schoulmeeschteschberuff ze revaloriséieren.**

Natierlech si mir eis als SNE/CGFP bewosst, dass all dës Mesuren zur Erhéijung vun der Attraktivitéit vum Enseignantsberuff net vun haut op muer hir Friichte géifen droen. Et wäert eng gewëssen Zäit brauche bis si e Resultat géife bréngen. Mee, dat ass awer kee Grond, guer net dermadder unzefänken. Mir brauchen nohalteg Léisunge fir d'Penurie un Enseignanten ze bekämpfen. Eng wéineg wäitsiichteg Planifikatioun a kuerzfristeg Léisungen, déi just dorobber zilen op ugespaante Situatiounen ze reagéieren, si laangfristeg keng Solutioun.



De Gilles Glesener ass Enseignant
fir de Cours d'appui,
Member vum Schoulcomité,
École fondamentale Kinneksbond Mamer
a Generalsekretär vum SNE/CGFP

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Risiko: Durchseuchung der Grundschule

**Wird die Durchseuchung in den Grundschulen jetzt so richtig Fahrt aufnehmen?**

Das MENJE hat gestern entschieden, die Quarantäneregel im Zyklus 1 der Grundschule zu lockern. Nicht, wie bis jetzt, ab dem zweiten Fall, sondern genau wie in den Zyklen 2 bis 4, kann nun auch im ersten Zyklus eine Klasse erst ab dem sechsten Infektionsfall in Quarantäne gesetzt werden. Von außen betrachtet mag man diesen Parallelismus sicherlich nachvollziehen können, aber in den Augen des SNE/CGFP birgt diese politische Entscheidung viele Gefahren. Ist jetzt wirklich - in Anbetracht der rasant steigenden Infektionszahlen in den Grundschulen und der Bevölkerung - der Zeitpunkt gekommen, die Quarantänebestimmungen im ersten Zyklus zu mildern?

Das SNE/CGFP möchte darauf hinweisen, dass in der Grundschule, vor allem im ersten Zyklus, weiterhin fast alle Kinder ungeimpft sind. Auch gilt im ersten Zyklus, im Gegensatz zu den Zyklen 2 bis 4, keine Maskenpflicht für Kinder. Des Weiteren besteht auch ein sehr enger Kontakt zwischen den Kindern selbst, sowie auch zwischen den Kindern und den Lehrkräften. Raumluftfilter, die das SNE/CGFP vergeblich seit Beginn der Pandemie fordert, könnten gerade in dieser Situation dazu beitragen, das Infektionsrisiko zu verringern.

Im Gegensatz zu den Zyklen 2 bis 4 wird im Zyklus 1 nicht in der Schule getestet, sondern zu Hause. Hier vertraut das MENJE in Zukunft auf die neu geschaffene « déclaration sur l'honneur » welche von den Eltern unterschrieben werden kann. Laut Aussage des Bildungsministers soll diese gewährleisten, dass die Tests überhaupt zu Hause durchgeführt werden, und dies so gewissenhaft und ehrlich wie möglich. Was diese « déclaration sur l'honneur » denn nun wirklich wert ist, wird die Zukunft zeigen!

Es ist richtig, dass momentan eine Reihe von Kindern und/oder Klassen, besonders im Zyklus 1, sich des Öfteren in Quarantäne befinden. Dies ist sicherlich kein glücklicher Umstand weder für die Kinder noch für die Lehrkräfte und die Eltern.

Die Entscheidung des MENJE, die Quarantäneregel im Zyklus 1 zu lockern, und das trotz sehr hoher Infektionszahlen in unserem Land, zielt unseres Erachtens darauf ab, Klassenschließungen zu vermeiden und den Schulbetrieb so lange wie möglich aufrecht zu erhalten. Obwohl diese Entscheidung auf den ersten Blick nachvollziehbar erscheint, wird sie sicherlich bei vielen betroffenen Lehrkräften nur Kopfschütteln auslösen und auf Unverständnis stoßen. Das SNE/CGFP versteht und teilt die Sorgen der Lehrkräfte durchaus.

11-13, rue des Ardennes L-1133 Bonnevoie | Tél.: +352 48 11 18 Fax: +352 40 73 56 | B.P. 2437 L-1024 Luxembourg | sne@education.lu www.sne.lu

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

In den Augen des SNE/CGFP besteht jetzt ein erhöhtes Risiko, dass es zu einer Durchseuchung in den Klassen und Schulen kommt. Es fragt sich, welchen Einfluss die Lockerung der Quarantänebestimmungen im Zyklus 1 wohl auf die Gesamtinfektionszahlen haben wird.

Wenn das Ziel der Regierung wirklich eine Durchseuchung der Gesellschaft mittels einer Infektionswelle unter den Jüngsten ist, dann sollte sie der Bevölkerung im Allgemeinen und den Professionellen des Erziehungsbereichs im Besonderen zumindest reinen Wein einschenken.

Das SNE/CGFP bedauert, dass eine Coronaerkrankung bei den Kindern billigend in Kauf genommen wird, auch wenn der Krankheitsverlauf bei den jüngeren Generationen anscheinend weniger heftig verläuft. Allerdings sind die Folgen des Long-COVID zurzeit, auch was Kinder angeht, nur sehr unzureichend erforscht und daher schwer abschätzbar.

Doch was ist mit den Lehrerinnen und Lehrern?

Mitgeteilt vom SNE/CGFP am 19. Januar 2022

11-13, rue des Ardennes L-1133 Bonnevoie | Tél.: +352 48 11 18 Fax: +352 40 73 56 | B.P. 2437 L-1024 Luxembourg | sne@education.lu www.sne.lu

# Reaktiounen vun der Presse

Presserevue vum 18. Januar

SCAN ME

Copyright by radio 100,7 Audiofile

SNE a CGFP kritiséieren d'Lockerung vun der Quarantän am Cycle 1

SCAN ME

Copyright by RTL

Quarantaine assouplie pour les élèves de cycle 1

SCAN ME

Copyright by PAPERJAM

Editorial / Unsere Schulen riskieren eine Durchseuchung

SCAN ME

Copyright by Tageblatt Letzebuerg

Hohe Infektionszahlen in den Schulen

SCAN ME

Copyright by Wort.lu

„Jiddereen ass flexibel, anescht wier et net méiglech"

SCAN ME

Copyright by Lëtzebuerger Journal





# Coding

## … quelle aventure

Suite à l'introduction médiatisée à partir de la rentrée en septembre 2020/2021 de la nouvelle matière ou branche ou compétence ou compétence transversale dénommée « Coding », on peut ouvrir aujourd'hui la “bible” de l'enseignement fondamental : le plan d'études, afin d'y retrouver le terme coding à 0 - oui zéro - reprises.

Le programme est inexistant. Cependant il existe des suggestions d'activités, avec ou sans support, regroupées dans des ouvrages du SCRIPT. Les éléments à acquérir par les élèves y sont regroupés en huit compétences. Ce sont certainement ces 8 compétences que les enseignants doivent évaluer dans les bilans. Toute note explicative pour les bilans fait défaut.

Le coding a aussi trouvé son chemin dans les épreuves standardisées en mathématiques des élèves du Cycle 4.2, élèves qui pendant toute leur scolarité n'ont eu quasiment aucune formation de base en matière de coding, vu sa récente introduction. Forcément le coding : c'est pas sorcier et c'est un jeu d'enfant pour tous.

Heureusement des institutrices et des instituteurs en compétences numériques ont été définis et recrutés afin de remédier au grand vide en matière de coding.

Le coding constitue un défi supplémentaire pour chaque enseignant. Pour les élèves le volume des apprentissages, des compétences requises à l'enseignement fondamental, vient d'être augmenté, car en parallèle aucune compétence n'a été laissée de côté.



De Gilles Bley
ass Enseignant Poste d'appui,
Président du Comité d'école,
Ecole Fondamentale Limpertsberg.



N°5529
Reçue le 20.01.2022
Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.01.2022

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 81 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës urgent parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An engem Communiqué vum 19. Januar 2022 kritiséieren den SNE an d'CGFP, dass d'Quarantänereegelen am Cycle 1 am Enseignement Fondamental un déi vun deenen aneren Cyclen ugepasst ginn, wat mat sech bréngt, dass eng Spillschoulsklass réischt ab 6 positive Fäll an Isolatioun muss goen. Dobäi kennt nach, dass d'Schnelltester am Cycle 1, net ewéi an den anere Cyclen, an der Klass gemaach ginn, mais Doheem an déi konform Duerchféierung vum Schnelltest duerch eng „Déclaration sur l'honneur" garantéiert gëtt, déi am Virfeld vun den Elteren ënnerschriwwe muss ginn.

Doriwwer eraus, ass eng vun den Haaptsuerge vum SNE an der CGFP, dass et wéinst deene méi laxe Quarantänereegelen zu enger Durcheuchung vun der Schoulpopulatioun am Cycle 1 kennt a mir dann och eventuell an Zukunft mat méi Long-Covid-Fäll béi klenge Kanner ze di kréien.

An dësem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:


- Wat waren d'Beweeggrënn vum Här Minister fir d'Quarantänereegelen am Cycle 1 opzelackeren?
- Op wat fir enger eventueller wëssenschaftlecher Basis huet den Här Minister dës Decisioun geholl?
- Well am Cycle 1 keng Maskeflicht gëllt, wéi erkläert den Här Minister d'Koherenz vun déser Mesure?
- Geet den Här Minister vun enger Hausse vun de Covid-Fäll am Cycle 1 aus nom Akraafttriede vun den néie Quarantänereegelen?
- Wéi reagéiert den Här Minister op d'Haaptsuerge vum SNE an der CGFP vun enger méiglecher Durchseuchung vun de Schüler am Cycle 1?
- Bezüglech der „Déclaration sur l'honneur", déi d'Elteren ënnerschreiwe mussen, wat geschitt wann d'Eltere refuséieren dës z'ënnerschreiwen?
- Wéi schätzt de Minister de Risque vu méiglechen Abusen vun der "Déclaration d'honneur" an ? Ginn et dozou schonn Erfahrungen aus der Vergangenheet?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert


NOUVEAUTES sne éditions




## Mes fiches magiques – Tome 2

Feuilles d'exercices sur le vocabulaire
Unités 4 à 6

Ces fiches d'exercices regroupent le vocabulaire de base et le vocabulaire élagri des unités 4 à 6 dans un seul livre.
Elles sont assortis au nouveau livre de français « Salut, c'est magique ».

Cycle 3.1

343

13,65 €

# Koherenz ?
# Wat ass dat scho méi ?

Vum Isabelle Loewenstein & Claude Schmit

### Covid-Mesuren an der Schoul an doheem: Un Diskrepanzen net ze iwwertreffen

Corona-Zuele sinn zënter e puer Wochen op engem konstant héijen Niveau. Sief et an der Schoul, am Beruff oder am private Raum, sou mussen all d'Leit, souwuel Erwuessener wéi och Kanner, sech u gewësse Reegelen halen an ënnerschiddlech Moossnamen huelen, fir sech selwer, an déi aner Matmënschen, ze schützen.

Wat opfält an deene leschte Wochen a Méint, ass dass dës Moossname bzw. Aschränkungen an den eenzele Liewensberäicher ëmmer méi wäit auserneendriften. Wéi am November / Dezember 2021 nach all d'Restauranten, Discoen a gréisstendeels och Veranstaltunge wéi ënner anerem Sport, Concerten asw. op ware fir geimpft, genesen, oder getest Leit (3G), sou huet an der Schoul zäitgläich schonn eng generell Maskeflicht bestanen. Ob dëst an der Retrospektiv déi richteg Entscheedung war, moosse mir eis net un ze beurteelen. Mir hunn net den Usproch wëssenschaftlech Erkenntnisser bzw. Recommandatioune vun der Santé ze kommentéieren oder hir Ugemiessenheet ze bezweifelen. Wat eis awer opfält, ass, dass et eng ëmmer méi grouss Diskrepanz an Inkoherenz tëschent de Moossnamen am private Raum an deenen an der Schoul gëtt. Wéi ass et soss ze erklären, dass Quarantän-, Isolatiouns- an Testreegele fir d'SchülerInnen a kengem Bezuch méi mat deem sti wat dobausse fir den ëffentlechen, berufflechen a besonnesch och de private Raum soss gëllt?






Dozou ziele mir Iech gären e puer Beispiller op, déi Dir bestëmmt och scho festgestallt hutt:

- Wéi ass et méiglech, dass op där enger Säit en(g) Enseignant(e) engem Kand säi selwer duerchgeféierte Schnelltest kann zertifiéieren, deen eisem Wëssensstand no, jo och nach ëmmer seng Gültegkeet hätt fir z. B. owes an de Restaurant iessen ze goen? Op där anerer Säit, kann dee selwechten Enseignant (a vereedegte Staatsbeamten) awer kengem Member vu senger «Equipe pédagogique» e Schnelltest zertifiéieren. Wann dat méiglech wär, da géif dëst vill Drock a Frust säitens dem Léierpersonal eraushuelen, deen opgrond vum fir d'Léierpersonal gültegen 3G an de Schoulen entstanen ass. Amplaz just ee vum Kand selwer realiséierte Schnelltest däerfen a mussen ze zertifiéieren, kéint ee sech och virstellen ënner Aarbechtskolleegen d'Tester ze zertifiéieren, änlech dem Verfueren am Gesondheetswiesen.
- Wéi ass et ze erklären, dass e Kand, dat am privaten / familiären Ëmfeld e Kontakt mat engem Covid-Positivem huet, dëst Kand dann direkt a Quarantän gesat gëtt, wann et weder geimpft, nach genesen ass? Dat selwecht Kand däerf awer bis zu engem maximum vun 10 Stonnen am Schoulgebai mat villen anere Kanner an der entspriechender Unzuel u Schoulpersonal Kontakt hunn; et geet turnen an an d'Paus ouni Mask, an ësst an der Kantin natierlech och ouni Mask. (An nee, mir wëllen heimadder net fuerderen, dass op dëse Plazen elo soll d'Maskepflicht ageféiert ginn!) Risikokontakter loosse sech am Laf vum Schoulalldag net vermeiden, trotzdeem gëtt do awer eventuell eréischt ab dem 7. Fall an enger Klass innerhalb vun enger Schoulwoch eng Quarantän ausgeschwat. Woura genee froe mir eis, besteet den Ënnerscheed zu Risikokontakt doheem a Risikokontakt an der Schoul? Wuelwëssend, dass ganz vill Kanner den Impfschutz am Verglach zu villen Erwuessenen nach net hunn.
- Wisou ginn déi positiv Schnelltester an der Schoul duer, fir dass d'SchülerInnen de Genesene - Status kréien? Gouf dat positiivt Resultat allerdéngs bei engem Schnelltest doheem entdeckt, sinn d'Elteren da frëndlechst invitéiert, dëst mat engem PCR ze



konforméieren. Mee gottseidank koum vun den Elteren nach keen op d'Iddi, hiert positiv geteste Kand um 8 Auer trotzdeem an d'Schoul ze schécken? Schliisslech kann d'Léierpersonal jo mat engem Klick relativ einfach an onkomplizéiert e Resultat op edutesting.lu androen a kéint domadder de G (Genesen) an d'Weeër leeden. Wisou gëtt hei den Elteren net grondsätzlech vertraut? Op där anerer Säit vertraue mer awer neierdéngs am Cycle 1 drop, dass opgrond vun engem «Consentement sur l'honneur» d'Elteren am Fall vun engem «Testing renforcé» hir Kanner all Moie virun dem Schoulufank testen?

- Et gëtt och ëmmer méi schwiereg, de SchülerInnen eng sënnvoll Erklärung ze gi wa se froe wisou se z.B. beim Sport ausserhalb vun der Schoul op ëmmer méi Plazen eng Mask mussen unhalen, awer net an der Schoul beim Turnen.
- Firwat gëtt och exklusiv an de Schoule getest? D'Fuesvakanz kënnt jo a grousse Schrëtt méi no. Vill Kanner verbréngen dës Zäit an den edukative Strukturen. Vill Klasse ginn do aus organisatoresche Grënn gemëscht. Geet de Covid ieren och an d'Schivakanz a mécht eng kleng Paus? Firwat teste mir wärend de Schoulstonnen d'SchülerInne säit Wochen, nee souguer Méint, an no der Schoul hält dës Mesure op eemol op?

Et wär am Interêt vun eis alleguer, wa mir an der Schoul géngen e Maximum u Moossnamen huelen, fir d'Kanner, awer och d'Léierpersonal ze schützen. Moossnamen, déi da koherent misste si mat deenen, déi an anere Liewensraim gëllen! Wuelwëssend, dass ee positive Fall an der Schoul oft e ganze Rateschwanz mat sech zitt an dat direkt Ëmfeld vum Kand nohalteg impaktéiert, wann z. B. minimum een Elterendeel doduercher och muss doheem bleiwen oder schlëmmstefalls vum Kand ugestach gëtt.

